FACULTÉ DES LETTRES, DES SCIENCES HUMAINES, DES ARTS ET DES SCIENCES DE L'ÉDUCATION

# Master en langues, cultures et médias – Lëtzebuerger Studien

–

Master académique

UNIVERSITÉ DU LUXEMBOURG

© David Laurent / Université du Luxembourg

D'Fakultéit des Lettres, des Sciences Humaines, des Arts et des Sciences de l'Éducation vun der Universitéit Lëtzebuerg bitt Bachelor a Master Programmer a Formatioun continuen a Sozial- an Erzéiungswëssenschaften, Sprooch a Literatur, Psychologie, Philosophie, Geschicht, Geographie a Politikwëssenschaften un. An eisen Ecoles doctorales ginn zukünfteg Chercheuren ausgebilt.

Eis Haaptfuerschungsgebidder si Léieren an Ënnerriichten an engem multikulturellen a méisproochegen Ëmfeld, d'Zesummespill vu Gesondheet a Behuelen, Migratioun an Identitéit, sozial Ongerechtegkeeten an nohalteg Entwécklung.

D'Fakultéit steet um Campus Belval, engem fréiere Site vun der Stolindustrie am Süde vu Lëtzebuerg.

# FIRWAT E MASTER AN DE LËTZEBUERGER STUDIEN?

De Master ass innovativ a senger Perspektiv, andeems en d'Lëtzebuerger Sprooch, Literatur a Kultur an de méisproochegen a multikulturelle Kontext vum Land abett an dobäi berücksichtegt.

Zil ass d'Ausbildung vun Experten, déi net op eng Disziplin fixéiert bleiwen, mee interdisziplinäert Wëssen a Kompetenzen an de Gebidder vun der Lëtzebuerger Sprooch, der Literatur, der Kultur an de Medien entwéckelen.

D'Formatioun gëtt en Abléck an déi wichtegst Methoden an Instrumenter vun de Sprooch-, Literatur- a Kulturwëssenschaften a vermëttelt d'Kompetenz, spezifesch lëtzebuergesch Charakteristiken ze analyséieren an ze bewäerten, esouwéi den Afloss vun anere Kulturen zu Lëtzebuerg ze analyséieren an an enger méi breeder internationaler Perspektiv vergläichen ze kënnen.

Prof. Dr. Peter Gilles, Studiendirekter



# IWWERBLÉCK MODULESTRUKTUR

De Master ass an dräi Beräicher organiséiert:

**Sproochwëssenschaft**

Vermëttlung vu linguisteschen a soziolinguisteschen Analyse- a Beschreiwungsmethoden applizéiert op d'Lëtzebuergesch an déi lëtzebuergesch Sprooche-situatioun: Beschäftegung mat de sproochleche Strukturen (Phonetik/Phonologie, Morphologie, Syntax), der Sproochgeschicht a -standardiséie-rung, mat der Méisproochegkeet, Sproochkontakt a Code-switching a mat der Sproochepolitik. Bei all Aspekt gëtt och berücksichtegt, wat fir en Afloss déi héich Variatioun (sozial, regional, individuell) op déi sproochlech Strukture resp. déi konkret Kommunikatiounssituatioun huet.

**Literaturwëssenschaft**

An dësem Deel vum Masterprogramm geet et drëm, duerch eng Aféierung an d'Lëtzebuerger Literatur an hire verschiddene Sproochen e fondéiert Wësse vum Kanon an iwwert d'Wierker aus de verschiddene Gattungen ze vermëttelen.

Am literaturhistoreschen Iwwerbléck vun der Lëtzebuerger Literatur gëtt op déi Entwécklungen, Zäsuren a Wenden higewisen, déi d'Literatur-dynamik wärend den eenzelnen Epoquë konditio-néiert hunn. Nieft der literaturhistorescher Approche sinn et och literaturtheoretesch a literatur-sozio-logesch Methoden, Theorien a Konzepter, déi hei hëllefe sollen, Texter an hirem historesche Kontext ze verstoen an z'interpretéieren.

D'Literature ginn net nëmmen an hirem Bezuch ënnerteneen, mee och an hiren internationale Bezéiungen, Uleenungen an Orientatioune studéiert. Duerch kulturtheoretesch a -wëssen-schaftlech Modeller an Aspekter solle Praktiken an Technike vum Kulturtransfer a spezifesch interkulturell Elementer an der Lëtzebuerger Literatur nogewise ginn.

E weidere Schwéierpunkt besteet dodran, Literatur an hire Bezéiungen a Kontributiounen zum sozialen, historeschen, politeschen an institutionnelle Kontext ze gesinn an z'analyséieren.

**Kultur- a Mediewëssen-schaften**

Hei stinn d'Geschicht vun de Medien an d'Kinos-geschicht am Fokus. Doriwwer eraus ginn aus enger breeder kulturwëssenschaftlecher Perspektiv d'Identitéitsdiscoursë beliicht.

Master en langues, cultures et médias - Lëtzebuerger Studien: Den Numm verréit engem schonn, a wéi eng Richtung dëse Master geet! Et gëtt besonnesch vill Wäert op d'Interdisziplinaritéit geluecht an et war ganz genau deen Aspekt, dee mech perséinlech motivéiert huet, fir mech an dësem Master unzemellen.

Et huet Spaass gemaach, endlech emol Recherche op deem Terrain ze bedreiwen, op deem een sech all Dag befënnt, an déi Sprooch z'entdecken an emol richteg schreiwen ze léieren, déi een dagdeeglech benotzt. Vu dass et sech net ëm e fachspezifesche Master handelt, huet een d'Méiglechkeet, meeschtens un deene Sujeten ze schaffen, déi engem perséinlech am beschten zousoen. Sou koum et, dass ech mech vill mat Theme beschäftegt hunn, déi mat de lëtzebuergesche Medien ze dinn haten, wéi zum Beispill Tëlee, Kino oder Musek. Natierlech hunn dës Sujeten ëmmer missen a Bezuch mat de Coursë stoen. Dëst war awer keng gréisser Schwieregkeet an dofir kann ech aus menger Erfarung eraus soen, dass ee bei dësem Master méi fräi ass, wat de Choix u Sujeten ugeet, wéi ech dat vläicht virdru bei mengem anere Studium kannt hunn.

Natierlech kann ech net behaapten, dass dëse Master perfekt ass, ma ech hunn et awer vu Virdeel fonnt, datt d'Responsablë fir Kritik vun de Studenten oppe waren. E weidere grousse Virdeel vun dësem Master läit dodran, datt ee relativ oft d'Méiglechkeet huet, a senger Recherche Pionéieraarbecht ze leeschten. Vu dass dëst Fuerschungsfeld a munche Beräicher nach am Opbau ass, kann een oft als eng vun deenen éischte Persounen un engem Sujet schaffen an dësen dann och analyséieren an dat hunn ech besonnesch interessant fonnt.

En anere Fait, dee mer relativ gutt bei dësem Master gefall huet, ass, dass een d'Geleeënheet krut, fir e bësse praktesch Erfarung um Terrain ze sammelen. Esou krut ech ënner anerem emol d'Méiglechkeet, fir e kuerzen Ausfluch an d'Welt vum Theater a vum Radio ze maachen an doduerch och éischt Kontakter mat der Lëtzebuerger Mediewelt ze knäppen.

Alles an allem kann ech also vun enger ganz positiver Erfarung schwätzen, déi ech wärend dësem Studium gemaach hunn, a soumat kann ech dëse Master am Fong just weiderrecommandéieren.

Fränk Muno, Walfer
Diploméiert mam „Master en langues, cultures et médias – Lëtzebuerger Studien".
De Fränk Muno dréint grad säin éischten Dokumentarfilm



# BERUFFLECH PERSPEKTIVEN

- Professer fir d'Lëtzebuergescht am Enseignement secondaire an am Enseignement secondaire technique (am Kader vum Gesetz vum 22. Mee 2009 iwwert 'b) de la fonction de professeur de langue luxembourgeoise' (Art. 12)) Pro Joer gi vum Educatiounsministère momentan ca. 2 Kandidatinnen/Kandidate fir de Concours ugeholl.
- Recherche (z.B. Doktorat)
- Politesch a kulturell Institutiounen
- Redaktioun a Lektorat an den Editiouns- a Pressehaiser
- Theateraarbecht a -kritik

# INSTITUT FIR LËTZEBUERGESCH SPROOCH- A LITERATUR-WËSSENSCHAFT

Den Institut fir lëtzebuergesch Sprooch- a Literaturwëssenschaft beschäftegt sech mat sproochwëssenschaftlechen a literaturwëssenschaftlechen Aspekter vum Lëtzebuergeschen am Kontext vun der Méisproochegkeet.

D'Institut gouf am September 2006 gegrënnt an ass Deel vun der interdisziplinärer Unité de Recherche IPSE.

Méi Informatiounen op http://lux.ipse.uni.lu.

# D'EQUIPE VUN DEN ENSEIGNANTEN (2016)

- Ass-prof. Dr. Julia de Bres
- Dr. Ian de Toffoli
- Fernand Fehlen (Vacataire)
- Prof. Dr. Peter Gilles (Studiendirekter)
- Ass-prof. Dr. Jeanne E. Glesener
- Ass-prof. Dr. Sonja Kmec
- Dr. Paul Lesch (Vacataire)
- Dr. Melanie Wagner

# STUDIEPROGRAMM

De Contenu vun der Formatioun ass op dräi inhaltech Beräicher verdeelt: Sprooch, Literatur a Medien- a Kulturwëssenschaft.

| Beräich | Moduler | ECTS |
|---|---|---|
| Sprooch | Lg1-Lg6 | 36 |
| Literatur | Li1-Li6 | 36 |
| Medien- a Kulturwëssenschaft | Me1-Me3 | 18 |
| **Optioun 1** | | |
| Mémoire | Ma | 26 |
| Tutorat a Colloque am Kader vun der Masteraarbecht | TC | 4 |
| **Optioun 2** | | |
| Mémoire | Ma | 14 |
| Stage (+Rapport) | St | 12 |
| Tutorat a Colloque am Kader vun der Masteraarbecht | TC | 4 |
| | | 120 |

## Verdeelung op déi véier Semester

All Modul ass obligatoresch. Bei Bedarf kann d'Modulstruktur geännert ginn.

### 1. Semester

| Module | | | ECTS |
|---|---|---|---|
| Lg1 | Sprooch 1: | Lëtzebuergesch Linguistik I | 6 |
| Lg2 | Sprooch 2: | Soziolinguistik vu Lëtzebuerg an der Groussregioun | 6 |
| Li1 | Literatur 1: | Aféierung an d'Geschicht vun de Lëtzebuerger Literaturen | 6 |
| Li2 | Literatur 2: | Landschaft, Ëmwelt a Literatur | 6 |
| Me1 | Médias et Cultures 1: | Mediegeschicht | 6 |
| | | | 30 |

### 2. Semester

| Module | | | ECTS |
|---|---|---|---|
| Lg3 | Sprooch 3: | Lëtzebuergesch Linguistik II | 6 |
| Lg4 | Sprooch 4: | Sproochideologien | 6 |
| Li3 | Literatur 3: | Narratologie | 6 |
| Li4 | Literatur 4: | Literaturtheorie: Aféierung an Applikatiounen | 6 |
| Me2 | Médias et Cultures 2: | Kinosgeschicht | 6 |
| | | | 30 |



### 3. Semester

| Module | | | ECTS |
|---|---|---|---|
| Lg5 | Sprooch 5: | Sproochepolitik | 6 |
| Lg6 | Sprooch 6: | Variatiounslinguistik | 6 |
| Li5 | Literatur 5: | Lëtzebuerger Literaturen am Verglach | 6 |
| Li6 | Literatur 6: | Literaturfeld, Auteuren, Fuerschung | 6 |
| Me3 | Médias et Cultures 3: | Identitéits-und Erënnerungsdiscoursen | 6 |
| | | | 30 |

### 4. Semester

| Module | | | ECTS |
|---|---|---|---|
| | Optioun 1 | | |
| Ma | Masteraarbecht | | 26 |
| TC | Tutorat & Colloque | | 4 |
| | Optioun 2 | | |
| St | Stage | | 12 |
| Ma | Masteraarbecht | | 14 |
| TC | Tutorat & Colloque | | 4 |
| | | | 30 |

Am Kader vun engem Stage zu Lëtzebuerg bei RTL hunn ech gemierkt, dass mer a mengem Studium de  konkrete Bezuch zu der lëtzebuergescher Kultur- a Mediewelt gefeelt huet. Wéi ech dunn héieren hunn, dass en neie Master géif op der Uni Lëtzebuerg ugebuede ginn, dee genee dee Bezuch hierstellt, hunn ech decidéiert, op d'Uni Lëtzebuerg ze wiesselen.

Ech war mer sécher, dass ech spéider hei zu Lëtzebuerg wéilt schaffen, an dofir wollt ech mech schonn am Studium konkret mat der Lëtzebuerger Kultur- a Medielandschaft befaassen.

Wat ech am meeschten u mengem Studiegang geschätzt hunn, war dat grousst Engagement vun de Proffen. Mir hunn zu der éischter Promotioun vun deem Master gehéiert an et huet ee gemierkt, wéi motivéiert d'Proffen alleguer waren, en neie Studiegang op d'Been ze stellen. De Kontakt tëschent de Studenten an de Proffe wor méi enk wéi op villen aneren Unien an et ass ee méi perséinlech betreit ginn. Doriwwer eraus krut een dacks Offere fir Stagen oder Projeten, bei deenen ee praktesch Erfahrungen um Terrain konnt sammelen. Ech hunn zum Beispill beim Unisradio a Kooperatioun mam Radio 100,7 matgemaach an eng Ausstellung mat Rahmenprogramm am Kapuzinertheater organiséiert.

Ech hu scho wärend mengem leschte Semester vum Master Bewerbunge geschriwwen. Duerch Zoufall hat de Conseil National des Programmes, mat deem ech mech zu där Zäit am Kader vu menger Masteraarbecht beschäftegt hunn, eng Plaz ausgeschriwwen, op déi ech mech gemellt hunn. Ech konnt dunn direkt no mengem Ofschloss do ufänken. De Conseil National des Programmes representéiert verschidde kulturell, sozial a politesch Institutiounen aus der Gesellschaft, a beréit iwwer Problemer, déi sech a Bezuch op d'Inhalter vun den audiovisuelle Medie stellen. Zu mengem Job hunn eng ganz Rei administrativ Aufgaben, awer och d'Koordinatioun vun der Surveillance vun de Radios- a Fernsehprogrammer, déi ënnert lëtzebuergescher Lizenz lafen, gehéiert. Seit Januar 2013 schaffen ech als Conservatrice an der Nationalbibliothéik am Département vun der Luxemburgensia a këmmere mech hei ëm d'Gestioun an d'Valorisatioun vun de Lëtzebuerger Zeitungen an Zäitschréften.

Rotschléi fir nei Studenten
Ech géif soen, dat Wichtegst ass, scho wärend dem Studium ze probéieren, sou vill wéi méiglech praktesch Erfahrungen ze sammelen a Kontakt zu deene verschiddenen Institutiounen ze kréien. Op déi Manéier kritt een en Abléck doran, wat fir Méiglechkeeten een herno berufflech huet. Donieft sinn esou Stagen och ëmmer ganz wichteg fir de CV a maachen engem d'Sich no enger Aarbechtsplaz herno méi liicht.

Sarah Stephan
Lëtzebuergerin, Master en « Langues, cultures et médias » op der Uni Lëtzebuerg
Virdru Bachelor an der Konschtgeschicht mat Niewefach Kulturwëssenschaften an Däitschland,
ee Joer laang Master am Kultur- a Kommunikatiounsmanagement



# ALLGEMENG INFORMATIOUNEN

| | |
|---|---|
| Viraussetzunge fir d'Aschreiwung | E Bachelorofschloss an enger Sprooch (z.B. Italienesch, Spuenesch, Franséisch, Däitsch, Englesch, Russesch o.ä.), de Mediewëssenschaften, der Geschicht oder anere Kulturwëssenschaften. Fir Kandidate fir d'Professerscarrière ass e Bachelor an enger Philologie obligatoresch. E Bachelorofschloss bedeit normalerweis BAC+3. Eng Licence oder eng Maîtrise nom franséische System oder e Magister oder e Staatsexamen nom däitsche System ginn akzeptéiert. Studienofschlëss vun anere Fächer kënnen net akzeptéiert ginn. |
| Ufank vum Programm | All September |
| Maximum u Kandidaten | 20 |
| Aschreiwungskäschten | 200 € pro Semester |
| Dauer | 4 Semester (Vollzäitstudium) oder 8 Semester (Deelzäitstudium) |
| Sproochen-ufuerderungen | Lëtzebuergesch, Däitsch, Franséisch, Englesch. De gréissten Deel vun de Coursë gëtt op Lëtzebuergesch gehalen. |
| Aarbechtsopwand | Den Aarbechtsopwand fir eng Formatioun berechent sech no de sou g. ECTS-Punkten (European Credit Transfer System-Points'). Een ECTS-Punkt bedeit ca. 30 Stonnen Aarbecht.<br>Et kann een also z.B. fir e Cours mat 6 ECTS vun engem Opwand vun 180 Aarbechtsstonnen ausgoen. Dozou gehéiert d'Zäit am Cours selwer (30 Stonnen), d'Preparatioun, d'Nobereedung, d'Ausschaffe vun engem Projet oder enger Hausaarbecht an den Examen. De ganze Master huet 120 ECTS, d.h. 3600 Aarbechtsstonnen. |

# MASTERTHEESEN

## AUS DE LESCHTE JOREN (AUSWIEL)

*D'Entwécklungsgeschicht vun der lëtzebuergescher Orthographie*, 2015, Tuteur: Prof. Dr. Peter Gilles

*Der Erste Weltkrieg im literarischen Werk von Willy und Max Goergen*, 2015, Tuteur: Dr. Anne-Marie Millim

*Der Luxemburgischsprachige Spielfilm im Spiegel der nationalen Presse*, 2013, Tuteur: Dr. Paul Lesch

*Lëtzebuergesch als Friemsprooch: e methodesche Verglach vun der Wuertschatzvermëttlung an ausgesichte Sproocheschoulen*, 2012, Tuteur: Dr. Melanie Wagner

*Sproochgebrauch op de Lëtzebuerger Geriichter. Eng empiresch Etude*, 2012, Tuteur: Prof. Dr. Peter Gilles

*Déi Aner Gratis-Press zu Lëtzebuerg*, 2012, Tuteur: Dr. Paul Lesch

*Phraseologismen a Lëtzebuerger Comicken*, 2012, Tuteur: Prof. Dr. Peter Gilles

*Sproochastellungen an Astellungswandel. Eng empiresch Etude*, 2012, Tuteur: Prof. Dr. Peter Gilles

*Die Rezeption der Universität Luxemburg in der Luxemburger Presse.* 2012,Tuteur: Dr. Paul Lesch

*D'sproochpuristesch Discoursen an den Internetforen zu Lëtzebuerg*, 2012, Tuteur: Prof. Dr. Peter Gilles

*Sproochepolitik a Sproochenidologien an de Facebook-Gruppen iwwert Lëtzebuerg an d'Lëtzebuerger Sprooch*, 2011, Tuteur: Dr. Melanie Wagner

*D'Migratioun an de Lëtzebuerger Literaturen. Eng Analyse vun de Romaner Mrs Haroy ou la mémoire de la baleine vum Jean Portante an Grouss Kavalkad vum Guy Rewenig*, 2011, Tuteur: Dr. Jeanne E. Glesener

*D'Standardiséierung vun der Lëtzebuerger Sprooch unhand vum Dicks a vum Josy Braun*, 2011, Tuteur: Prof. Dr. Peter Gilles

*Linguistic Landscape zu Lëtzebuerg. Sprooch vu Stroossennimm op Stroosseschëlder*, 2011, Tuteur: Dr. Melanie Wagner

*Phonetesch-Phonologeschen Dialektwandel zwëschent de Generatiounen um Beispill vum „Kaalber" a „Veiner" Dialekt*, 2011, Tuteur: Prof. Dr. Peter Gilles

*Das Selbstbildnis der Luxemburger. Im Spiegel der Berichterstattung des Luxemburger Wortes 1848 – 1872*, 2011, Tuteur: Dr. Jeanne E. Glesener

*Medienerziehung im Luxemburger Schulsystem. Historischer Rückblick und bestandsaufnahme der aktuellen Situation*, 2011, Tuteur: Dr. Paul Lesch

*Realitéitsversiounen an der Fiktioun vum Claudine Muno*, 2011, Tuteur: Dr. Jeanne E. Glesener

© Brumat Photo / Foersom sàrl

# THE UNIVERSITY OF LUXEMBOURG

Founded in 2003, the University of Luxembourg is the first and only university of the Grand Duchy of Luxembourg. Multilingual, international and research-oriented, it is a modern institution with a personal touch.

Fondée en 2003, l'Université du Luxembourg est la première et unique institution en son genre au Grand-Duché de Luxembourg. Multilingue, internationale et centrée sur la recherche, elle se définit comme une institution moderne à visage humain.

## THE UNIVERSITY IN FIGURES* / L'UNIVERSITÉ EN CHIFFRES*

Ranked 193rd worldwide in the Times Higher Education (THE) World University Ranking 2015 / *Classée en 193e position au niveau mondial dans le palmarès 2015 publié par Times Higher Education (THE)*

- 6172 students / *étudiants*
  - 3080 international students / *étudiants internationaux*
  - 3043 undergraduate students / *étudiants en Bachelor*
  - 1408 postgraduate students (Master) / *étudiants en Master*
  - 1204 other students / *autres étudiants*
  - 613 PhD students / *doctorants*
- 115 nationalities (students) / *nationalités (étudiants)*
- 1602 employees / *employés*
- 241 professors, associate professors and senior lecturers / *professeurs, assistant-professeurs et chargés de cours*
- 858 adjunct teaching staff / *vacataires*
- 61 degrees / *formations*
  (11 bachelor's programmes, 32 master's programmes, 11 vocational and lifelong learning programmes)
- 11 research units / *unités de recherche*
- 3 faculties / *facultés*
- 2 interdisciplinary centres / *centres interdisciplinaires*

* October 2015 / *octobre 2015*

# KONTAKT

Université du Luxembourg
Faculté des Lettres, des Sciences Humaines, des Arts et des Sciences de l'Education

11, Porte des Sciences
L- 4366 Esch-sur-Alzette

**Fir Informatiounen iwwert de Master en langues et médias – Lëtzebuerger Studien**

**Studiendirekter**
Prof. Dr. Peter Gilles
T. +352 / 46 66 44-6383
peter.gilles@uni.lu

**Allgemeng Informatiounen**
Dr. Melanie Wagner
T. +352 / 46 66 44-6271
melanie.wagner@uni.lu

**Sekretariat**
Pedro Tavares Mendes
T. +352 / 46 66 44-9617
pedro.mendes@uni.lu

http://malux.uni.lu

Mir sinn och op facebook

**Fir Informatiounen iwwert d'Aschreiwungen an d'Studenteliewen:**

Service des Études et de la Vie Étudiante (SEVE)
Belval Campus
2, avenue de l'Université
L-4365 Esch-sur-Alzette
T. +352 / 46 66 44-6060
seve.infos@uni.lu

www.uni.lu

The University of Luxembourg is on facebook and twitter

University of Luxembourg
Multilingual. Personalised. Connected.

© Université du Luxembourg 03/2016 www.uni.lu